



HESPER

Budget 2022

Jean THEIS

Här Buergermeeschter,

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot,

Léif Leit déi eis elo vun doheem am Livestream nokucken,

Et ass schon vill iwwert d'Zuelen am Budget geschwat gin, notamment vun eise Budgetsrapporter, dofir probéieren ech mech mat den Zuelen kuerz ze faassen

Ech géif kuerz eng Kéier opzielen wat an deenen verschiddeenen Domainen wäert an nächster Zäit investéiert gin, fir dass mir eng flott an attraktiv Gemeng behalen wou et sech gutt dra liewen a wunnen léist.

Wunnensbau;

Logements Manktum, ass en Thema an eng Suerg déi net nëmmen d'Gemeng Hesper betrëfft, méi ganz Lëtzebuerg. Dësen, an fréier Schäffen- a Gemengeréit vun der Gemeng Hesper hunn awer schon zënter enger ganzer Réi vun Joren deen Problem erkannt, a sinn dësen Problem verantwortungsvoll ugaangen.

D'Rothweil II wiest aktuell aus dem Buedem a vill Stéit si schon agezunn. Op dëser Plaz huet och d'Gemeng Hesper an Zesummenaarbecht mat der SNHBM 38 Wunnengen an 14 Haiser op Terrainen vun der Gemeng gebaut déi dann op 99 Joer verpacht gin. D'Schlüsselen vun dësen Wunnengen wäerten am Fréijoer un d'Propriétaires, elauter jonk Leit déi bei eis an der Gemeng opgewuess sinn, iwwerrecht gin.

Och déi 15 Wunnengen an der Résidence ALLORO op der Rothweil II déi fir sozial Mietzwecker genotzt wäerten gin, gin iwwert den Summer fäerdeg gestallt. Hei entstinn och nach um rez-de-chaussée wéi gewost 5 surfaces commerciales, mat ënnert anerem enger Apdik an enger Epicerie.

D'Caritas huet e Projet fir 14 intergenerationell Wunnengen ze bauen.



HESPER

Mat deenen schéinen a verkéiersberouegenden ugeluechten Stroossen a Spazéierwээр, waert dës Plaaz mat Sécherheet sech an den kommenden Joren zum Mëttelpunkt an Duerfkär vun Alzeng entwéckelen.

Op d'Planung vun 50 weideren Sozial Wunnengen zu Hesper am „Projet Place Paul Jomé“, respektiv op déi 11 Appartementer am neien „PAP AXS“ an der rue des Scillas um Houwald wëll ech elo weider net agoen, daat maachen meng Kolleegen aus der CSV Fraktioun.

Wann esou vill nei Wunnquartieren entstinn, dann bréngt daat och mat sech dat den Trafic net wäert ofhuelen. Ech hunn et schonns emol proposéiert, a sinn der Meenung dat spéitstens wann d'Gare périphérique um Houwald am Joer 2023-24 fäerdeg gestallt ass, an dës um Tram ugeschloss an Richtung Houwald fiert, da brauche mir iwwert den Daag ewech eng Sorte „City Bus“ deen d'Leit aus den verschiddenen Wunn-Quartieren aus der Gemeng op direktem Wee, op dës „Gare Howald“ bréngt, an spéider och erëm heem féiert. Op dëser Gare kënnen d'Leit den Tram benotzen a fueren esou op hier gewënschten Destinatioun op d'Gare, an d'Staad oder Richtung Lampertsbiérg a Kierchbiérg. Wann mir eppes an der Mobilité douce wëllen erreechen, dann ass dëst mat Secherheet eng gutt Pist.

Verkéier & Mobilitéit

D'Sécherheet op eisen Stroossen ass e weideren Punkt wou d'Gemeng ferm am gang ass drun ze schaffen; sou sinn all Zebrasträifen op eisen Nationalstroossen reamenagéiert a konforme gesaat gin.

Nodeem endlech déi néideg Autorisatioun vum Ministère agetraff ass, fir déi geféierlech Situatioun fir Foussgänger an d'Cycliste bei der Autobunn's Bréck Richtung Houwald ze léisen, kënnen dës Aarbechten deemnächst duerchgefouert gin..

Kulturell Offer

Mat eisen baal 16.000 Awunner wëllen mir och an Zukunft verstärkt kulturell eisen Matbiérgen en villfältegen a flotten Programm ubidden. Verstärkt wëllen mir als Kulturkommissioun a Kulturkéess an eisem CELO Produktiounen a Spektakelen offréieren. Weiderhin sollen och kulturell Evenementer an der Hesper Kierch stattfannen.

Wann den neien „Centre Civique“ bis fäerdeg gestallt ass, kann och dësen den Veräiner fir Aktivitéiten zu hierer Disponibilitéit gestallt gin.

Eisen „Hesper Kultursummer“ geet dat nächst Joer an seng 10ten Saison an dëst wëllen mir mat e puer Highlights am Programm feieren. Mat der neier Kënschtlerausstellung „HespArt“ waert et ugoen. Mat „Classic am Park“ wäerten nei Téin am Park ze héieren sinn, an als Héichpunkt vum 10ten Anniversaire, spillt den 15. Juli d'Original Kult Band aus den 80'er Joren „**Münchener Freiheit**“ e Konzert am Park zu Hesper.



HESPER

D'Ënnerstëtzen vun den Kulturveräiner bleift nach wie vor wichtig. Dat geet och am Budget 2022 afier. Dëst mam Verainssubside deen mir dat lescht Joer karément verduebelt hunn, grad wéi och den Subside Jeunes, mat deem mir déi enorm Jugendarbecht an den kulturellen Veräiner zur Ausbildung gär ënnerstëtzen.

Heifir hunn mir am Joer 2020 **13.510 €** fir **193** Jugendlecher ausbezuelet. Desweideren sin **45.750 €** fir subsidies ordinaires an nach eng Kéier **5.600 €** subsidence encadrement bezuelet gin!!

Sport

Datt selwecht gëllt och fir de Sport. Och hei hu mir

- **ronn 100.000 €** a **Form vum Subside Jeunes** an d'Förderung vun **1.416** jonken Sportler investéiert.

- **45.750 €** goufen als Subside ordinaires,

- **an 25.000 €** als subsidence encadrement

Ënn vum nächsten Joer gëtt eis Sportshal II um Holleschbiérg fäerdeg gestallt, soumat kréien Basket, Volleyball an Dëschtennis nach besser Trainingskonditiounen. Och stinn nach an Zukunft weider Trainings-Méiglechkeeten an der neier Schoul an der Hesper Strooss zu Alzeng.

Déier sëllechend Jugend vun eisen Fußballveräiner vun Izeg an Hesper müssen mir weiderhin gutt Trainingsméiglechkeeten ubidden. Dofir müssen an der Zukunft weider Trainigsterrain'en ugeluecht gin.

Mir wëssen dat den Stade A. Theis méi wéi 20 Joer aal ass, an verschidden Erneierungen gemaach müssen gin. Mat den sportlechen Ambitiounen vum Swift Hesper misst den Terrain an den nächsten Joren UEFA gerecht gemaach gin, dh. dat d'Tribünen müssen erweidert gin. Duschreim müssen renovéiert resp. bäigebaut gin. Desweideren solle weider Fitness Méiglechkeeten en Place gesat gin. D'Belichtung vun den Terrainen soll ëmweltbewusst ugepasst gin.



HESPER

Tourismus

No den Iwwerschwemmungen vum Summer vun dësem Joer huet sech eraus gestallt dat den Alzenger Camping méi wéi Ufanks gemengt uerg an Matleedenschaft gezunn gin ass. De Bloc sanitär ass schwéier betraff gin. Gewosst ass och dat den Holz-Chalet mat der Receptioun virun 40-50 Joer gebaut gin ass an net méi funktionell ass.

An den nächsten Joren mussen hei gréisser Investissementer gemaach gin. Hei soll dervun profitéiert gin an engem gesamten Projet d'Infrastrukturen „Iwwerschwemmungs sécher“ an der Zäit ugepasst, ze bauen.

Als eenzeggen Camping an der Périphérie zur Staat Lëtzebuerg sinn d'Zuelen vun den Touristen an den vergaangenen Joren erhéblech geklommen. Dëst Dank dem gudden Vélosnetz, der flotter Géigend, der Propretéit an Hygiène an Dank der dynamescher Gerante vum Camping.

Mam Bau vum Lift erop op den Holleschbiërg, deen aus Grënn vun der mobilité douce gebaut gëtt, kann dësen mat senger Aussichts Plattform zu engem touristeschen Highlight benotzt gin.

En aaneren neien touristeschen Unzéiungspunkt, wäerten d'Alentouren vun der Hesper Buerg mat der Place „Bellevue“ gin, dëst nodéms d'Gemeng virun kuerzem an den Besëtz vun den néidegen Grondstécker komm ass, an dës Parzell esou gestalten wäert, dat dës se och fir Touristen accessibel ass.

Déi sëllegen Veloswéer, deen schéinen Park mat sengen zahlreichen kulturellen Aktivitéiten wäerten d'Touristen an den nächsten Joren weiderhin unzéien.

Déi zuelräich Vé'lo Statiounen sinn en zousätzlechen „Service“ déi vill vun den Touristen benotzt a geschätzt gëtt.

Am Office régional du Tourisme Luxembourg Centre Ouest ass d'Gemeng Hesper eng vun den wéinegen Gemengen déi net Member ass. Et kann een sech iwwerleeën ob d'Gemeng Hesper net soll, genau wéi d'Nôpëschgemengen dem ORT an den nächsten Joren bäitrieden. Allerdéngs missten d'Modalitéiten fir dësem bäizetrieden an Aklang mam ORT gekläert gin. Heimadden géif eisen Tourismus méi professionell nobaussen vermaart gin.

Mëttelfristeg wär et och flott wann en „Tourist Office“ an der zukünfteger Receptioun vum Camping seng Plaz géif fannen.



HESPER

Ofschléissend wëll ech och eisem Service Financier an allen weideren Bedeelegten déi un dësem Budgets-Dokument matgeschafft hunn ee groussen Merci aussprieche, fir déi vill a perfekt Aarbecht déi Sie a stonnelaanger Aarbecht am Sënn vun eiser Gemeng gemaach hunn.

- Ech wëll och d'Finanzkommissioun net vergiessen déi während ee puer Sëtzungen dësen Budget analyséiert huet,
- an dem Kolleeg Guy WESTER als dësjäregen Budget-Rapporteur
- souwéi dem Sekretair vun der Finanzkommissioun, dem Bob MULLER e ganz speziellen Merci fir säin detailléierten Rapport deen hien gemaach huet.

An deem Sënn soen ech Iech alleguerten villmôls Merci fir d'Nolauschteren!